


## Evaluatioun vun de Reformen a Neierungen zënter 2009

Den SNE/CGFP stellt fest, dass zënter 15 Joer eng ganz Rei Reformen a Neierungen am « Enseignement fondamental » agefouert goufen. An dësem « Cahier des charges » beschränkt den SNE/CGFP sech op déi Mesuren an Elementer, bei deenen et him wichteg erschéngt, Fuerderungen ze stellen.

### • Contingent

**Den SNE/CGFP fuerdert,** dass de Berechnungsmodus vum Contingent onbedéngt esou ëmgeännert muss ginn, dass et zu enger Erhéijung vun de Ressourcen, iwwert déi d'Schoule verfüge kënnen, kënnt.
Dofir muss d'Klassemoyenne fir d'Berechnung vum Contingent vu 16 op 15 erofgesat an den Impakt vum « Indice social » vun 20 op 25 % eropgesat ginn. Ausserdeem mussen d'Schüler mat spezifesche Besoinen och onbedéngt am Contingent berücksichtegt ginn andeems weider Ressourcen dofir fräigesat ginn.

### • « Appui pédagogique »

**Den SNE/CGFP fuerdert,** dass, wéi bis elo, eng gréisstméiglech Flexibilitéit an der Organisatioun vum « Appui pédagogique » erhale bleift. D'Schoule solle weiderhi selwer kënnen decidéieren, bei wiem a wéini den « Appui pédagogique » soll gehale ginn. D'Enseignante mussen déi néideg Flexibilitéit an deen néidegen Handlungsspillraum behalen, fir den « Appui pédagogique » esou ze organiséieren, wéi et fir d'Schoul an d'Kanner am beschten ass. Den SNE/CGFP wiert sech och mat aller Vehemenz géint all Versuch, d'Enseignanten ze forcéieren, hiren « Appui pédagogique » an « Enseignement direct » ëmzewandelen.

### • Hausaufgabenhëllef an e-Bichelchen

**Den SNE/CGFP fuerdert,** dass um aktuelle Modell vun der Hausaufgabenhëllef näischt geännert gëtt a wiert sech mat aller Vehemenz géint all Versuch, dass dës Tâche vun der Hausaufgabenhëllef op d'Schoul an un d'Léierpersonal ze iwwerdroen.

**Doriwwer eraus fuerdert den SNE/CGFP,** dass de Gebrauch vum e-Bichelchen och an Zukunft muss fakultativ bleiwen, och, well munnech Gemengen an eege Kommunikatiouns–Tools investéiert hunn.

## • « Allongement de cycle »

Den SNE/CGFP fuerdert, dass dës Allongementer och schonn am 1. Joer vun all Zykel kënnen decidéiert ginn, an dat och an deene Fäll, wou keen Dossier CI besteet.

## • Passage Fondamental – Secondaire PFS

Den SNE/CGFP fuerdert eng Reform vun der Orientéierungsprozedur am Zykel 4 vum « Enseignement fondamental ». An Zukunft mussen d'Pedagogen dës Entscheedungen treffe kënnen, nodeems si iwwert den Elteren hir Virstellung informéiert goufen. No der Entscheedung vun de Pedagoge géifen d'Elteren natierlech d'Méiglechkeet vun engem Recours kréien, an zwar a Form vun engem « Examen–recours ».

## • Schoulkommitee

D'Tâchë vun de Schoulkommiteeën an dem President vum Schoulkommitee hunn zënter der Reform vun 2009 ganz vill an der Envergure zougeholl.
Dofir fuerdert den SNE/CGFP, dass all d'Schoulkommiteeën eng administrativ Hëllef a Form vun engem Sekretariat kréie mussen.

Ausserdeem fuerdert den SNE/CGFP, dass de « Règlement grand-ducal » vum 27. Abrëll 2009 iwwert d'Schoulkommiteeën iwwerschafft an der Realitéit ugepasst gëtt. Besonnesch mussen do verschidde Prozedure vereinfacht ginn. Ervirzehiewen ass e.a. de Berechnungsmodus vun der Zuel vun den Déchargë vum Kommitee, deen net méi der Realitéit vun haut entsprécht. Sou ginn an der Berechnung d' « Remplaçants permanents » an d'Leit vun der ESEB, a geschwënn och d'A-EBS, nach ëmmer net matgezielt. Dobäi brauchen och déi Leit an de Schoulen Uspriechpartner a gi mat vun de Schoulkommiteeë geréiert.

## • Wal vun den Elterevertrieder

Dës Wal ass immens schwéierfälleg a verlaangt en enormen administrativen Opwand vum Schoulkommitee an der Gemeng. D'Envergure vun dëser Wal ass iwwerdimensionéiert an dofir fuerdert den SNE/CGFP och eng Reform vun dëser Walprozedur.




## Modernisatioun vum « Plan d'études » an d'Konsequenzen dovunner

Den SNE/CGFP fuerdert am Kontext vun der Modernisatioun vum « Plan d'études »:

- Dass ee sech beim Ausschaffen a bei der Implementatioun vum neie « Plan d'études » soll Zäit loossen a näischt iwwer de Knéi brieche soll. Et sollt een eng « Phase d'implémentation », eng Adaptatiounsphas, virgesinn, fir den Enseignanten d'Méiglechkeet ze ginn, sech mam neie « Plan d'études » vertraut ze maachen, sech doranner anzeschaffen an eventuell Problemer opzedecken, fir dass dann déi néideg Adaptatioune kënne gemaach ginn.

- Dass den neie « Plan d'études » par Rapport zum aktuellen Dokument entschlaakt gëtt a sech op déi wichtegst Kärkompetenze beschränkt.

- Dass den neie « Plan d'études » e praktescht Instrument gëtt, wat fir den Enseignant a senger alldeeglecher Unterrechtspraxis eng reell Hëllef duerstellt.

- Dass d'Evaluatiounspraktiken an d'Bilanen dem neie « Plan d'études » ugepasst ginn. Mir brauchen eng verständlech an transparent Evaluatioun, déi esouwuel vun de Kanner wéi och vun den Eltere verstane gëtt. Des Weidere fuerdert den SNE/CGFP nees d'Aféierung vun enger chiffréierter Bewäertung am Zykel 4. Eng chiffréiert Evaluatioun ass och am Hibléck op d'Orientéierungsprozedur am Zykel 4 an d'schoulesch Zukunft am « Enseignement secondaire » ganz wichteg. Och fuerdert den SNE/CGFP, dass d'Bilane méi lieserlech a verständlech musse ginn.



8.

## D'Bäibehale vum « Enseignant généraliste »

D'Ausbildung vun de Schoulmeeschteren an de Léierinnen erlaabt et hinnen aktuell, all d'Fächer aus der Grondschoul op engem qualitativ héijen Niveau ze enseignéieren. D'Enseignanten aus der Grondschoul sinn also Generalisten an den SNE/CGFP setzt sech derfir an, dass dat och esou bleift.

Den SNE/CGFP wiert sech mat aller Vehemenz géint all Bestriewungen, déi et Leit mat enger anerer Ausbildung wéi déi vum Schoulmeeschter an der Léierin erlaben, verschidde Fächer aus der Grondschoul ze ënnerriichten. Et kann net sinn, dass Leit mat enger Ausbildung fir e bestëmmtent Fach Virrang virum « Enseignant-généraliste » kréien a just dat Fach an der Grondschoul enseignéiere fir dat si ausgebilt goufen. Dat géif eng massiv Benodeelegung fir de Generalist, also de Schoulmeeschter an d'Léierin bedeiten.

Den SNE/CGFP fuerdert vum MENJE e kloert Bekenntnis zum Generalist. Professioneller aus anere Beruffsgruppe kéinten deemno keng Stonnen an der Grondschoul prioritär prestéieren.

Wat d'Schwammen ubelaangt, wier et fir den SNE/CGFP denkbar, dass d'Schwammmeeschteren a Kooperatioun mam Enseignant de Schwammunterrecht kéinten assuréieren. Den SNE/CGFP ënnersträicht awer, dass dës Interventioune vun de Schwammmeeschteren ëmmer mussen an Zesummenaarbecht an an enker Concertatioun mat de Schoulmeeschteren a de Léierinne geschéien.

